

**Evangelium**  
**(Lk 2,27-35)**

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*

A. *Dir all Éier, Här.*

27 Geleet vum Geescht, ass de Simeon an den Tempel komm,  
a wéi d'Elteren hiert Kand, de Jesus, erabruecht hunn,  
fir dat, wat vum Gesetz fir hie virgeschriwwe war, ze maachen,  
28 huet hien d'Kand an seng Äerm geholl,  
huet den Herrgott gelueft a sot:  
29 "Elo kanns du däin Dénger, Här,  
a Fridde goe loossen, esou wéi s du gesot hues,  
30 well meng Aen hunn d'Rettung gesinn, déi vun dir kënnt  
31 an déi s du fir all d'Vëlleker bestëmmt hues,  
32 e Liicht, dat Offenbarung bréngt fir d'Heeden  
an Herrlechkeet fir däi Vollek Israel."

33 Dem Jesus säi Papp an seng Mamm hunn sech gewonnert iwver dat,  
wat iwver d'Kand gesot gouf.  
34 Dunn huet de Simeon si geseent,  
an hie sot zu der Maria, dem Jesus senger Mamm:  
"Kuck, deen heiten ass agesat,  
fir datt duerch hien der vill an Israel falen  
an datt vill anerer opgeriicht ginn,  
an hien ass agesat, fir en Zeechen ze sinn, deem widdersprach gött  
35 – dir selwer awer fiert och e Schwäert duerch d'Séil.  
Esou solle ville Mënschen hir Gedanke bekannt gemaach ginn."

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*